(Interruption)

Mir schwätzen eng Kéier doriwwer, wien alles de Standpunkt vun der Finanzoligarchie hei zu Lëtzebuerg vertrëtt a wien net. Jo, dat embêtéiert Iech, Madamm Loschetter, mä et ass d'Wouerecht.

M. Franz Fayot *(LSAP).-* Dat ass jo eng Zoumuddung! Wéi kënnt Dir esou eppes soen?

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Dach.

M. Franz Fayot *(LSAP).-* A wouranner hunn ech da fir d'Banke geschwat? Da sot dach net egal wat!

(Interruption)

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Ma ech wäert dat maachen. Dir hutt déi Direktiv a minima transposéiert. Dir wësst et jo ganz genau.

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

Also, et ass scho gesot ginn. Et kann een et gutt fannen oder net, mä et brauch een e Bankkonto hei zu Lëtzebuerg. Et ass e Grondbedürfnis - et ass e puermol gesot ginn - an et ass zemools e Grondbedürfnis fir Leit, déi u sech relativ vulnerabel sinn an eiser Gesellschaft.

Et gi Länner, déi si Virreider doranner, wat Lëtzebuerg net ass. Zum Beispill Frankräich, well do gëtt et zënter 30 Joer den Droit aux comptes. A wien dat Recht an Usproch hëlt, dee kann och vun der Banque de France gratis e Konto bei senger Bank opgemaach kréien. Déi franséisch Gesetzgebung huet dann hei och déi europäesch Direktiv beaflosst, déi jo notamment dat Zil verfollegt, besonnesch vulnerabel Leit an de Bankesystem ze integréieren.

Fir datt all Persoun Zougang zu engem Konto huet, sollen d'Memberstaten dann och d'Méiglechkeet vun engem Basiskonto virgesinn, dee gratis ass oder mat Frais raisonnables. Si gesäit doriwwer eraus vir, datt d'Memberstate vulnerabel Gruppe kënnen definéieren, déi da besonnesch avantagéis Konditioune solle kréien. Irland, zum Beispill, huet bei senger Transpositioun virgesinn, datt esou e Basiskonto déi éischt fënnef Joer gratis ass, et sief dann, déi Zommen, déi op de Kont iwwerwise ginn, géifen iwwer e gewëssene Montant erausgoen, dee par rapport zum nationale Mindestloun definéiert ass.

An Éisträich ass eng gesetzlech Grenz vun 80 Euro pro Joer festgehale ginn, wat sämtlech Déngschter vun esou engem Basiskonto maximal däerfe kaschten. Zousätzlech gi besonnesch vulnerabel Bevëlkerungsgruppen definéiert, fir déi d'Käschte maximal bei 40 Euro pro Joer leien däerfen. Dat si just e puer Beispiller, fir ze weisen, datt dës Direktiv vill Méiglechkeete bitt, fir deene sozial méi schwaache Mënschen an dëser Problematik ënnert d'Äerm ze gräifen.

A wat mécht dann dës Regierung mat dëser Direktiv? Ma si huet a Wierklechkeet, am Interêt vun de Banken, de Maximum erausgeschloen, dee méiglech war. Déi Lëtzebuerger Transpositioun gesäit net vir, vulnerabel Gruppen ze definéieren. A se gesäit och net vir, dëst Grondrecht fir bedürfteg Mënsche gratis ze maachen. Si iwwerhëlt just den Term „frais raisonnables" an definéiert deen a minima vun deem, wat d'Direktiv hiergëtt.

Natierlech gëtt et dann elo d'Méiglechkeet ze komparéieren, wéi ee geplëmmt gëtt vu wat fir enger Bank. Da soe mer emol Merci. Mä dat ass franchement nach de Minimum vun Informatioun, deen ee misst kréien. An anere Wierder: Méi wäit hätt d'Regierung de Banken net kënnen entgéintkommen, ouni géint dës Direktiv ze verstoussen, an dat op d'Käschte vun deene Schwächsten an eiser Gesellschaft!

An dat ass och keen Zoufall a läit och net dorunner, datt d'Regierung mat der Ëmsetzung e ganzt Joer Retard huet an dofir keng Zäit hat, sech Gedanken ze maachen. Et gouf gesot: Et ass e politesche Calcul. Et ass och politesch gewollt vun dëser Regierung. Dat gesäit een dorunner, datt déi vum Stat kontrolléiert Bankhaiser sech schonn am Virfeld dëser Linn ugepasst hunn. Sou huet d'Post jo am Ufank vun dësem Joer hir gratis Déngschtleeschtunge gestrach, well se duerch dës Gesetzesännerung gréng Luucht krut.

D'Post huet d'lescht Joer 23,5 Milliounen Euro Gewënn gemaach, d'Spuerkeess ronn 240 Milliounen Euro. A wat hätt dat kascht, fir besonnesch vulnerabele Gruppen an eiser Gesellschaft e Gratiszougang zu engem Basiskonto ze erméiglechen?!

Une voix.- Très bien!

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Dat heiten ass symptomatesch fir dës Regierung, déi just an enger Shareholderlogik denkt, déi Wirtschafts- a Finanzpolitik just vun uewen no ënne plangt an déi onfäeg ass, sech an d'Situatioun vun deene Leit eranzedenken, déi ganz ënnen an eiser Gesellschaft stinn.

An dofir wäerte mir selbstverständlech géint dës Transpositioun stëmmen.

Ech wollt och nach soen, datt de Konsumenteschutz guer net begeeschtert ass, entgéint deem, wat gesot gëtt. Et ass ëmmer esou witzeg, well an de Rapporte vun de Gesetzesprojeten, do gëtt esou e klenge Resumé gemaach vun den Avisen. Mä dee ganzen Avis gëtt net ëmmer gesot. Mä a Wierklechkeet huet de Konsumenteschutz zum Beispill dofir och bei der Post ugeklappt. An ech wollt just soen: De Konsumenteschutz, dee mécht zënter Méint eng Campagne zu dësem Sujet. Dofir wäerte mer géint dës Direktiv stëmmen, nodeems...

(Interruption par Mme Viviane Loschetter)

Neen, et ass net nëmmen den Här Hoffmann, Madamm Loschetter. Et ass de Konsumenteschutz. Do gi Broschüre gemaach. Do si Leit, déi do schaffen. Do si sämtlech Gewerkschaften dran. De Konsumenteschutz, dee representéiert eendeiteg méi wéi Dir hei all zesummen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

(Brouhaha général)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Also, dat do ass grenzwäerteg, Här Wagner. Do muss ech mech virun d'Kolleegen hei alleguer stellen. Mir sinn alleguer vun dem Vollek dobausse gewielt, a wann ech gelift - wann ech gelift! - määssegt Iech, soss muss ech Iech definitiv zur Uerdnung ruffen!

(Brouhaha)

Dat gesot, huet den Här Finanzminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten a léif Kolleegen aus der Regierung, fir d'Éischt wéilt ech emol dem André Bauler villmools Merci soe fir säi mëndlechen a schréftleche Bericht, deen, mengen ech, déi wichtegst Punkten hei ënnerstrach huet.

Ech géif gäre fir d'Éischt emol hei ënnersträichen, wat den Här Bauler gesot huet, mä soss vläicht net genuch ënnerstrach ginn ass. Hei mécht Europa eppes fir de Citoyen a fir de Consommateur. Kënne mer eis doriwwer net ee Moment freeën?

Une voix.- Dach.

Une autre voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.-* A solle mer dat net dobaussen emol erzielen? Ech weess, zu Lëtzebuerg hu mer Gott sei Dank e grousse Soutien fir d'europäesch Iddi bei deene meeschte vun eis alleguerten. Mir sollen eis doriwwer freeën a mir sollen dat dobausse soen, dass dank Europa mer hei eng besser Protektioun vum Consommateur kréien, e besseren Zougang zu de Service-bancairë kréien.

Dat Zweet ass: Et ënnersträicht, dass mer natierlech an engem Marché unique liewen, wou d'Gidder, d'Servicer, d'Capitauxen an d'Leit sech fräi kënne bewegen. Eis englesch Kolleegen, déi jo wëllen aus der EU eraustrieden, hunn op eemol spéit erausfonnt, wéi wäertvoll dee Marché unique ass. A mir hunn d'Chance, dran ze sinn, an dank Europa ginn esou Initiative wéi déi heite gestart. Dat heiten ass och eng Initiativ, déi eng Simplification administrative mat sech bréngt an déi dann all Mënsch wäert erlaben, e Kont kënnen opzemaachen.

Dës ass, mengen ech, déi allerwichtegst Moossnam an dëser Direktiv: dass all Mënsch kann e Kont opmaachen. Natierlech muss en déi richteg Identitéit ginn oder iwwerhaapt Informatioune kënne ginn, well soss fale mer an d'Gesetzgebung géint de Blanchiment a géint den Terrorismus, an déi priméiert natierlech dësen Droit vum Consommateur. Dat ass dat Alleréischt.

Dat Zweet: Mir kréien hei eng gewëssen Transparenz, a mir kréie vun de Banken alleguerten, déi en concurrence eng mat där anerer sinn, hir Konditiounen affichéiert, soudass de Consommateur ka wielen.

An drëttens kritt de Consommateur d'Méiglechkeet, liicht de Kont ze wiesselen. Dat ass dat, wat an dëser Direktiv steet. An ech freeë mech, dass de Gros vun de Parlamentarier an déi meeschte Parteien dat hei kënne begréissen.

Ech kéim gären zum Punkt, deen den Här Mosar opgeworf huet, dass d'Gratuitéit vun de Services bancaires eng wichteg Saach ass. Jo, mir sinn all der Meenung, mengen ech, oder de Gros vun eis ass der Meenung, dass et wichteg ass, dass d'Leit Accès hunn u Servicen. Op där anerer Säit ass et eis och wichteg, dass eis Banke kënnen hir Käschten am Grëff halen. Do muss een den néidegen Equiliber fannen. An ech mengen, dat hu mir hei an der Direktiv gemaach.

An ech mengen, déi bescht Protektioun, déi de Consommateur ka kréien, ass en fait wat fir eng? Mä dass d'Konkurrenz spillt. An doduerch, dass mer elo Transparenz kréien, dass mer e Site Internet kréien, dee vun der CSSF gemaach gëtt, doduerch, dass d'Konditioune vun den Ouverturë vun de Konten an d'Käschten affichéiert ginn, mä da spillt d'Konkurrenz! An da kann ee sech erwaarden, dass de Consommateur sech kann déi beschten Offer eraussichen.

Zur Fro vum Här Fayot: Effektiv ass dat eng ganz Prozedur, déi amgaangen ass. Mir hunn och am Laf vun dësem Mount der EU-Kommissioun geschriwwen, mat deenen Elementer, déi mir dann wëllen an eise Règlement grand-ducal schreiwen. Dat hu mer op Bréissel geschéckt. A mir ginn dovunner aus, dass d'Kommissioun eis an all deenen anere Länner bis September eng Äntwert wäert ginn. An da kënne mer de Règlement grand-ducal kompletteieren.

An dann zur Fro, déi déi Lénk gestallt hunn. Ech mengen, hei gëtt wierklech onnëtz versicht, eng Polemik ze maachen. Ech kann all Mënsch roden, emol d'Service-bancairen zu Lëtzebuerg ze vergläiche mat all deenen, déi ech an all aneren europäesche Staten erlieft hunn. Ech hunn nach kee Land gesinn, wou de Service bancaire besser ass wéi zu Lëtzebuerg.

Une voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.-* An elo hinzegoen an ze maachen, wéi wa mir hei, mat dëser Direktiv, elo eppes falsch géife maachen, schéngt mer wierklech déi falsch Debatt ze sinn. Ech hu virdru gesot: Mir gleewen un d'Konkurrenz. D'Konkurrenz ass dat, wat d'Präisser no ënne bréngt. Et ass dat, wat Effikassitéit bréngt fir de Consommateur, an dat garantéiere mer mat dëser Direktiv. An ech mengen, mir brauchen eis wierklech net ze schumme fir dee Service, dee mir hei am Bankesecteur hunn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Finanzminister.

Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7103 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7103 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass eriwwer: 58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Alex Bodry), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Henri Kox);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet 6887, eng Ofännerung vum Code de procédure pénale. Och hei si mer beim Basismodell. An d'Wuert huet d'Rapportrice vum Projet, d'Madamm Simone Beissel.

6. 6887 - Projet de loi portant modification de l'article 3 du Code de procédure pénale

Rapport de la Commission juridique

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.-* Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geet drëm, hei den Artikel 3 Alinea 6, am Ufank stoung am Projet nach: vum Code d'instruction criminelle, Dir wësst, entretemps nenne mer e Code de procédure pénale, ëmzeänneren.

Fir d'Éischt emol zur Prozedur. De Projet de loi ass de 7. Oktober 2015 am Numm vun der Regierung an der Chamber deposéiert ginn. Den 3. Mee 2016 ass e vum Statsrot aviséiert ginn. Den 1. Mäerz 2017 krute mer en an der Kommissioun präsentéiert an do hu mer no Diskussiounen decidéiert, dass mer den Text, op Propositioun vum Statsrot an och op Propositioun vun engem Text vun der Madame la Procureur générale d'État, géifen ëmänneren. An den Text, dee mer dunn zréckbehalen hunn, dat ass deen, opgrond vun deene verschiddenen Avisen.

Sou wäit zur Prozedur. Elo zum Fong. Ech muss mech bei Iech entschëllegen, et ass eng extrem komplizéiert juristesch Matière, an ech versichen, Iech dat elo esou einfach wéi méiglech ze explizéieren, mä et ass vill Juristerei an Termen dran, déi net gutt op Lëtzebuergesch ginn. Also ëm wat geet et?

Zënter ganz laange Joren, ech géif mengen op d'mannst 150 Joer hei zu Lëtzebuerg, hate mer de System vun der Unicité de la faute pénale et civile. Dat heescht op Lëtzebuergesch gesot, dass een zum Beispill, wann een en Affer war an et hat een e Schued, dann hat een nëmmen eng Méiglechkeet, fir Schuedenersaz ze kréien, wann den Täter um Penal bestrooft ginn ass. Dat hat u sech eng bestëmmte Logik. Dat huet zesummegehalen. Dat ass iwwer ganz laang Jore vun der Lëtzebuerger Jurisprudenz, dat heescht d'Kompilatioun vun den Uerteeler, esou entstanen an ugewannt ginn, well et an enger Logik vum System war. Mä ganz oft, wann den Täter um Penal fräigesprach ginn ass, hat dann d'Affer keng Méiglechkeet, um Zivill Schued ze kréien.

Bon, dat war eng Logik, well Dir wësst, mir sinn am franséischen inquisitoresche System, dee gemëscht ass mam belsche System, wat dee ganze Système répressif ass. Et ass och eréischt virun 30 Joer, wou dat ugefaangen huet, dass vill méi Wäert op d'Affer an deenen hire Schutz geluecht ginn ass. Ganz laang Jore virdru war ëmmer den Esprit sanctionnateur am Droit pénal, dee gezielt huet. Et ass drëm gaangen, fir den Täter ze bestrofen, an dann eng ganz Kategorie hannendru koumen erëm eng Kéier d'Affer.

Bon, et war esou - elo gëtt et ganz technesch, a wéi gesot, ech entschëllege mech -, virdrun hate mer u sech d'Artikele 418 a 420 bis 422 (veuillez lire: Artikele 418 bis 420) vum Code pénal, déi Coups et blessures involontaires betreffen, dat heescht Infraktiounen, déi een onbewosst an ongeplangt mécht, déi awer Schued maachen. En typescht Beispill, wat Der alleguerte kennt, ass, wann een, bon, wéi gesot, eng kleng am Biz huet oder ze schnell rennt an et verursaacht een en Autosaccident an da kritt en anere Mënsch Schued oder et gëtt Materialschued, Autoe gi getéitscht; dat sinn u sech typesch Coups et blessures involontaires, déi net geplangt sinn, net bewosst, sciemment ausgeféiert ginn, dat ass de Côté pénal.

Derniewent hutt Der de Basisartikel vum Code civil, deen ebe säit 1804 d'Basis vun der Responsabilité civile ass, dat ass dee berüümten 1382, dee mer alleguerte léieren, wa mer Droit maachen. An déi zwee sinn op een Niveau gesat ginn an déi hunn zesummegehaangen, fir ze soen, wéi gesot: „le criminel tient le civil en état", a wann näischt um Penal duerchgaangen ass, dann hat d'Affer um Zivill absolutt keng Chance.

Déi Theorie vun der Unicité de fautes pénales (veuillez lire: et civiles) - wéi gesot, dat war e sakrosankte Prinzip an eisem Rechtssystem, well en eben och vun all de Geriichter opgebaut a verfeinert ginn ass - huet dobausse fir Kritik gesuergt. Well awer e ganze Koup Fäll Grenzfäll sinn, wou - Der wësst: Am Penal ass et och eng Saach vun der Beweislaascht - de Parquet, dat heescht de Statsanwalt, den Anwalt vum Stat, u sech jo ukloe muss, fir eben den Täter ze iwwerféieren, an deemno wéi dann d'Situatioun ass, ass dat net méiglech an da kënnt d'Affer zu näischt. D'Affer stécht sech de Fanger an de Mond an et kritt näischt.

Mat deem heite Projet maache mer elo e radikale Paradigmewiessel. Mir komme vun enger

praktesch 200-järeger Experienz mat enger Unicité vun der Faute pénale et civile an eng nei Welt eran. Mir ginn elo an d'Théorie générale vun der Dualité des fautes pénales et civiles.

Fir elo ze versichen, Iech dat ganz einfach ze erklären, dat geet elo esou: Independamment vun deem, wat um Strofgeriicht geschitt an och wa keen Uerteel kënnt, dat heescht, wann deen, deen d'Dot gemaach huet, net um Penal gestrooft gëtt, dat heescht, wann e fräigesprach gëtt, empêchéiert dat an Zukunft net, dass e fir deeselwechte Fait um Zivill kann ugesicht ginn an d'Affer um Zivill Schuedenersaz akloen an och kréie kann an net méi déi Hürd vum Penal huet, déi dee Moment all d'Dieren zougemaach huet.

Ech hoffen, dass ech Iech dat elo kloer genuch erkläert hunn,...

Une voix.- Wonnerbar.

Mme Simone Beissel *(DP), rapportrice.-* ...fir dass Der dat elo esou verstanen hutt. Mir sinn elo net am Neiland. Mir hu Länner wéi Éisträich, mir hu Länner wéi Schweden, mir hunn haaptsächlech Länner wéi Frankräich an d'Belsch, well Dir wësst, eise ganze Rechtssystem an notamment de Penal fousst op franséischem an duerno belschem System. Frankräich huet dee System ëm 2000 agefouert an dofir hate mer och den Apaisement, well mir kucken awer ëmmer haaptsächlech op d'Belsch a Frankräich, wa mer an esou groussen Theorien Neiland erschafen.

Mir hunn also de Kriticke Rechnung gedroen. Eng Remarque: De Syvicol hat sech an engem Avis och Suerge gemaach an hat ee Moment gefaart. Ech muss zwar soen, déi Iddi, déi am Syvicol do gedroe ginn ass, ass zwar reng theoretesch méiglech, mä ech hunn e Wëssensstand, deen awer an eng aner Richtung geet. Mat Momenter konnt ee sech denken: „Jo, wéi fueren eis Riichter?" D'Riichter sinn och mat Momenter Mënschen (veuillez lire: sinn och nëmme Mënschen). Si mussen zwar ganz genau d'Saachlag kucken, och um Niveau vun de Gemengeverantwortlechen, well Dir wësst, mir haten e puer relativ penibel Prozesser, wou Gemengeverantwortlecher dann zur Rechenschaft gezu goufe fir Saachen, déi op der Gemeng geschitt waren. An de Syvicol huet gesot, jo effektiv, heiansdo hätt een da vläicht kënnen d'Impressioun hunn, dass de Penalriichter wierklech just gestrooft huet an net fräigesprach huet, fir dass d'Affer konnt Schuedenersaz kréien.

Dat ass reng theoretesch méiglech. Et entsprécht awer net mengem Wëssensstand, well ech kennen eis Lëtzebuerger Riichter, déi en âme et conscience wierklech no hirer intime conviction an op Beweislag riichten. An ech kenne kee Fall, och kee Grenzfall, wou dat do hätt kënne sinn.

Nach ass et besser, dass mer elo Kloerheet hei schafen, dass net ëmmer déi Angscht vun iergendengem Affer ass: Jo, wéi geet et dann elo um Penal, gëtt en elo gestrooft oder gëtt e fräigesprach? Wann e fräigesprach gëtt, da kann ech näischt méi maachen. Dofir geet den neie Projet an déi richteg Richtung, wou mer elo déi Théorie générale de dualité vun den ziville Feeler an de penale Feeler hunn, an da kann all Mënsch, deen am Prinzip ka Recht op Schuedenersaz um Zivill akloen, Schuedenersaz kréien.

Ech wëll vun dëser Säit aus erwänen, well et war e komplizéierten Text: Et ass nëmmen een Artikel, et ass nëmmen een Alinea, den Artikel 3 Alinea 6 vum Code de procédure pénale. Mä wéi Der gesinn hutt, huet deen et awer a sech, et ass e grousse Changement, deen op eis zoukënnt. An ech muss wierklech dem Parquet général, de Parquete vun de Bezierksgeriichter Lëtzebuerg an Dikrech wéi och dem Tribunal vu Lëtzebuerg an Dikrech en häerzleche Merci soen. Si hunn all matgehollef, fir zesumme mam Statsrot - wéi ëmmer ass dat hei erëm en Text, wéi virdru beim 32.(4), wou erëm eng Kéier den Däiwel am Detail läit - ze kucken, wéi musse mer all Wuert elo formuléieren, dass deen Text do hieb- und stichfest ass an dass net eng Interpretatiounsdifferenz herno ka kommen.

Mir hunn dat alleguerten zesumme fäerdegbruecht. Hinnen alleguerten en häerzleche Merci, well dat hei war wierklech eng Joint Venture vun all den Instanzen. An elo hu mer en Text, deen nëmmen nach op eng eenzeg Aart a Weis kann interpretéiert ginn, wou mer Rechtssécherheet schafen am Interêt vun all de Justiciabelen an, ech mengen, am Interêt vun all eise Bierger.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat och den Accord vun der DP.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci der Madamm Beissel. Dann huet als éischte Riedner den Här Léon Gloden d'Wuert.

Discussion générale

M. Léon Gloden *(CSV).-* Merci, Här President. Ech soen der Madamm Rapportrice Merci fir hiren exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport.

Den Artikel 3, wéi en haut am Code de procédure pénale steet, hält am Fong de Prinzip vum „le pénal tient le civil en état" oder anescht formuléiert „l'autorité au civil de la chose jugée au pénal" fest. An d'Madamm Rapportrice huet e Beispill ginn. De Virdeel haut ass, datt ech, wann ech eng Condamnation au pénal hunn, am Fong d'Preuve vun der Faute um Zivill net méi ze brénge brauch. Mir hu viru Kuerzem en äänlecht Gesetz hei an der Chamber gestëmmt en matière de concurrence: Wann eng Condamnatioun vum Tribunal administratif oder vum Conseil de la concurrence virläit, da gëtt dat als Preuve vun der Faute consideréiert, fir um Zivill Schuedenersaz ze froen.

Den Text, deen de Justizminister deposéiert hat, huet folgendermoossen gelaut: «L'absence de condamnation pénale ne fait pas obstacle à l'exercice d'une action devant les juridictions civiles afin d'obtenir la réparation du dommage, en application des règles de droit civil.»

Dat wier den Abandon gewiescht vum Prinzip vum „le criminel tient le civil en état". Wann een awer den Exposé des motifs vum Projet de loi liest, da war et d'Volontéit, am Fong just eng Exceptioun ze maache fir d'Artikele 418 bis 422. An do muss ech awer eng Kritik un de Justizminister maachen: Wann een un esou wichteg Prinzipie geet, da muss een dat och wierklech, wann een e Projet de loi deposéiert, präzis formuléieren.

Ech sinn och do mat der Madamm Rapportrice net ganz d'accord, datt mer hei e Paradigmewiessel maachen. Et ass eng Exceptioun zum Prinzip. Mir schafen de Prinzip net of, mir maachen eng Exceptioun zum Prinzip, well et kënnt en neie Paragraf 6 zu deem Artikel 3, déi aner Alineaen am Artikel 3 bleiwe bestoen.

Zweet Kritik um Justizminister ass: Am Exposé des motifs huet en am Fong gesot, datt d'Riichtere géife liichtfankeg eng Condamnation pénale ausschwätzen, fir datt d'Victime um Zivill condamnéiert gëtt (veuillez lire: indemniséiert gëtt). Esou Aussoe vun engem Justizminister fannen ech net akzeptabel. D'ailleurs huet de Statsrot déiselwecht Kritik un de Justizminister geriicht an och d'Tribunal hei an der Stad huet sech vehement dergéint gewiert an huet nach eng Kéier an aller Däitlechkeet gesot, datt d'Riichteren hei am Land en toute impartialité et objectivité hir Jugementer huelen. Här Justizminister, ënnerloosst wann ech gelift esou Aussoen an Zukunft!

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Léon Gloden *(CSV).-* Et gëtt dann och an de verschiddenen Avise geschriwwen, datt d'Iddi, fir deen Artikel ëmzeänneren, am Fong déi zwou berüümten Affäre Gemeng Jonglënster a Gemeng Steesel wier. Och domadder sinn ech net d'accord. Mir liewen an engem Rechtsstat, Égalité devant la loi. Deen Artikel zielt fir jiddwereen, esou wéi mer en elo ëmänneren an et soll een hei net e falscht Bild ginn, datt dat just fir d'Édile-localle géif agefouert ginn.

Wat ännert elo? D'Rapportrice huet et gesot: Wann elo am Kader vun engem Homicide oder enger Lésion involontaire festgestallt gëtt, datt de Beschëllegte kee Feeler gemaach huet, fir et einfach auszedrécken, also keng Condamnation pénale kritt, da kann awer d'Victime um ziville Plang Schuedenersaz froen, awer och do mussen dann d'Konditioune vum Droit commun a vum Droit civil erfëllt sinn. Dat heescht, d'Victime muss nach ëmmer de Prejudice beweisen an d'Cause à effet direct.

Dëst gesot, gëtt d'CSV-Fraktioun den Accord zu dësem Projet de loi.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Gloden. An d'Wuert huet den Här Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Jo, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dëser punktueller Ofännerung vum Artikel 3 vum Code de procédure pénale gëtt eng begrenzten Ausnam zum Prinzip agefouert, déi am Fong d'Eenzegaartegkeet, wann een dat esou iwwersetze kann, d'Unicitéit vum Feeler an zivillem Strofrecht a Fro stellt.

Gläichzäiteg gëtt domadder de Prinzip vun der Autoritéit vun de Strofuerteeler op zivill Prozesser a senger Absoluttheet ageschränkt, ouni awer fundamental a Fro gestallt ze ginn. Et ass also eng Reform mat enger beschränkter Stoussrichtung. Si geet vläicht net esou wäit, wéi eenzel Leit sech dat virgestallt haten. Den éischten Text war effektiv zwee- oder dräideiteg a senger Ausféierung. Et huet een awer gesinn zum Beispill an den Avise vum Procureur vun Dikrech, dass déi immens frou wären, wann et méi wäit gaange wär wéi dat, wat schlussendlech vun der Kommissioun och hei zréckbehale ginn ass. Wéi gesot, et ass esou, dass, wann ee fräigesprach gëtt wéinst enger onfräiwëlleger Strofdot, dat an Zukunft net méi heescht, dass een net kann zivillrechtlech zu Schuedenersaz verklot ginn.

Mä net ofgeschaaft ass awer de Prinzip, dass „le pénal tient le civil en état", dat heescht also, dass ee muss ofwaarden, bis de Strofriichter sech ausgeschwat huet. Dat heescht, den Zivillriichter wäert net schonn éischter tranchéieren. Et wäert also ofgewaart ginn, bis de Strofriichter sech ausgeschwat huet. An heiansdo kënnt et jo vir, dass Affären zwar opgemaach ginn, mä herno prescrivéiere gelooss ginn. Dat heescht, soulaang kann een zivillrechtlech eigentlech net zu Sengem kommen, well eben nach e Strofverfahren unhängeg ass. Et ass eréischt wa kloer ass, dass dat Strofverfahre fäerdeg ass oder et net zu enger Verfolgung kënnt um strofrechtleche Plang, da kann een eigentlech zivillrechtlech och en Uerteel kréien, fir Schuedenersaz zougestanen ze kréien. Dorunner ännert sech also näischt.

Duerfir soe mir als LSAP-Fraktioun: Et ass eng gutt Reform, mir hätten eis awer perséinlech kënne virstellen, nach e Schratt méi wäit ze goen. Mä et ass natierlech esou, et huet alles säi Pro a Kontra. Et ass ëmmer ofzeweien, wat dat do mat sech bréngt. Deen aktuelle System hat den Avantage, dass et kloer war: Et ass e Feeler geschitt, eng Negligence, eng Imprudence, en Défaut de précaution, dat ass datselwecht. An Zukunft ass dat net méi genau datselwecht. Dat heescht, et kann een also op där enger Säit wéinst deemselwechte Fait strofrechtlech fräigesprach ginn, op där anerer Säit muss een awer zivillrechtlech haften, also Schuedenersaz bezuelen.

Dat stäerkt, an dat ass dat Positivt un dëser Reform, d'Rechter vun deene Leit, déi Schued erlidden hunn. Dat stäerkt also d'Rechter vun de Victimmen. Dat ass deen absolutt positiven Aspekt vun deem heiten.

Ech mengen, d'Madamm Beissel huet an hirem Rapport drop higewisen, dass och de Parquet, an zum Deel och de Parquet général a vergaangene Joren déi dote Fuerderung scho gemaach huet, fir deen dote Prinzip opzelackeren. Mä et gesäit een awer och, notamment an deem laangen Avis, deen de Parquet général gemaach huet, dass si awer och zécken, fir eigentlech e radikale Paradigmewiessel an deem hei anzeféieren, well dat natierlech och zu gewëssenen Onzoulänglechkeeten an Ongereimtheeten an deem Ganze ka féieren.

Et bleift, dass dat doten eigentlech eng Reform ass, déi gutt ass. Si gëllt fir jiddwereen, fir all Bierger. Dat ass fir mech och schrecklech wichteg, och wann hei net sollt verstoppt ginn, dass notamment awer de Syvicol, also wann ech soen, déi offiziell Lobby vun de Gemengepolitiker, hei an der Vergaangenheet intervenéiert ass, well e vläicht léiwer eng Bestëmmung gehat hätt, déi méi spezifesch op hir Situatioun ausgeriicht ass, mä awer och gemengt huet, dass et an der Vergaangenheet emol zu enger méi schaarfer Appreciatioun vun der Faute pénale vu Gemengeverantwortleche komm ass, fir eben de Victimme Schuedenersaz ze erméiglechen.

Et muss een also elo gesinn, ob wierklech deen Effet, dee vun där Säit gewënscht ass, och mat deem heiten Text kënnt. Dat ass, mengen ech, eppes Wichteges. Et ass fir eis wichteg, dass eng Evaluatioun muss gemaach ginn no enger Rei vu Joren, wéi deen heiten Text gräift, ob d'Jurisprudenz wierklech ännert. Well wat jo och opgeworf ginn ass, dat ass, dass haut anscheinend de Strofriichter ëmmer méi eng Appreciatioun in abstracto mécht vun der Faute, vun der Negligence. Dat heescht, en dréit eigentlech de Particularitéite vun der Situatioun net Rechnung, mä e vergläicht se mat enger idealer Situatioun, an dorauser ganz oft en Iertum gëtt zu engem Feeler, deen och da strofrechtlech geaant gëtt.

De Wonsch hannert där Reform hei, de Parquet général seet dat ganz kloer, ass och, dass eigentlech de Juge pénal erëm soll op eng Appreciatioun in concreto zréckkomme vun der Faute, wärend selbstverständlech den Zivillriichter weiderhi bei enger Appreciatioun in abstracto bleift, also do méi eng large Definitioun vum Feeler, vun der Negligence eigentlech zréckbehale gëtt. Duerfir, mengen ech, ass dat hei eng gutt Reform, eng begrenzte Reform, awer eng Reform, déi mer musse weider am A behalen, fir ze kucken, wéi se sech och elo wierklech applizéiert a wat d'Effeten op d'Jurisprudenz sinn.

D'LSAP-Fraktioun wäert selbstverständlech deen Text hei stëmmen. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och. An d'Wuert huet elo d'Madamm Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Merci, Här President. Ech mengen, et ass bal alles gesot ginn haut. Mir géife gären nach derbäifügen, datt, bei där neier Méiglechkeet, déi et elo gëtt, wann een um Penal fräigesprach gëtt, en Täter bei enger - wann een dat kéint esou nennen - Negligence fräigesprach gëtt, awer deen, deen d'Affer ass, deen e Schued erlieft huet, trotzdeem nach dedommagéiert ka ginn, datt dee Schuedenersaz ka kréien, datt deen e Recht kritt, onofhängeg vun deem, wat um Penal geschitt, Schuedenersaz ze kréien.

A mir mengen, datt dat awer e ganz wichtege Schratt ass, well en awer d'Justiz e bësselchen, eng Iddiche méi gerecht mécht, andeem eng Persoun, déi schlussendlech awer e Schued kritt huet, elo awer eng Form vu Schuedenersaz ka kréien. A mir mengen, datt dat extrem wichteg ass, wann e Schued geschitt ass. An et gëtt Täter, déi richtegerweis net penal misste bestrooft ginn, an nawell bleift dee Schued, an dee Schued gëtt elo dedommagéiert. An dat fanne mir e Schratt an déi richteg Richtung. An duerfir wäerte mir dee Projet hei selbstverständlech och matstëmmen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci der Madamm Loschetter. Ech hunn elo keng weider Wuertmeldungen zu dësem Projet, dann hätt den Här Justizminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.-* Merci, Här President. A Merci virun allem och aganks direkt un d'Rapportrice fir hiren exzellente schréftlechen a besonnesch och mëndleche Rapport vun haut de Mëtteg. E Merci awer och all deenen, déi un dësem Text matgeschafft hunn.

Mir hunn, wéi mer deen Text deposéiert hunn, eng laang Viraarbecht gehat, well déi geet zréck op déi Zäit, ier ech Minister vun der Justiz war. Wann et en einfachen Text gewiescht wär, wär en och séier geschriwwe ginn. En huet awer méi laang gebraucht an der Redaktioun, well et justement eng technesch awer ganz komplizéiert Matière ass. An hei hunn net nëmme Leit aus dem Ministère, mä och feinste Juriste vun ausserhalb vum Ministère matgeschafft. An ech wëll deenen duerfir och alleguerte Merci soen, och wann dat Resultat, wat mer deposéiert hunn, net bei all Mënsch säi Gefalen haut hei an der Chamber fonnt huet.

Déi Leit wäerten dat dann och appreciéieren, mä ech soen och all deene Merci, déi duerno um Text weidergeschafft hunn, fir dass mer haut kënnen en Text unhuelen, deen awer dach eng ganz wesentlech Reform duerstellt, och wa se net alles op d'Kopp geheit, wat et an där Matière gëtt. An et hätt ee kënne méi wäit goen - ech ginn dem Alex Bodry net onrecht -, mä trotzdeem gi mer hei awer wäit a mir maachen haut eng Reform, déi och scho ganz laang vun der Doktrinn hei am Land kritiséiert ginn ass.

Den aktuelle System, wéi mer e kennen, vun der Eenheet vu strof- an zivillrechtlechem Feeler ass u sech eng Kreatioun vun der Jurisprudenz, déi op kengem Gesetzestext baséiert, déi mer aus der franséischer Jurisprudenz iwwerholl hunn. A wéi gesot, Kriticke goufen et der vill an et gouf effektiv och eng rezent manner doktrinal, mä praktesch Diskussioun, déi vum Syvicol ugestouss ginn ass. Do ass et ëm d'Diskussioun ronderëm déi sougenannte Steeseler Affär gaangen.

Mir hunn och bei eis am Ministère - ech kucken op de President vum Syvicol, den honorabelen Här Eicher - laang diskutéiert, fir eng Léisung ze fannen, an dat war mir wichteg, déi justement net nëmmen eng Léisung duerstellt fir d'Schwieregkeeten, déi de Syvicol huet - ech wäert nach drop agoen -, mä dass et eng Léisung duerstellt fir jiddwer Justiciabel hei am Land; dass mer eng Reform maachen, déi wuel dat do diskutéiert huet, mä déi awer eng Reform duerstellt, déi jiddwer Justiciabel hei am Land zeguttkënnt, notamment wann een d'Victime ass, well deenen hir Rechter ginn haut gestäerkt. Mä trotzdeem war et utile, déi Diskussioun, ausgeeënd vun där kommunaler Situatioun, ze diskutéieren.

An engem Wuert gesot, besteet de System doranner, dass e strofrechtleche Feeler datselwecht ass wéi en zivillrechtleche Feeler. Dat héiert sech harmlos un, ass et awer net. Et heescht näämlech och ëmgekéiert, dass, wa kee strofrechtleche Feeler virläit, och keen zivillrechtleche Feeler gemaach ginn ass. Dat gëtt richteg problematesch an Affären, wou et ëm eng einfach Onvirsiichtegkeet geet.

E Beispill aus der Praxis: Am Bësch leien e puer Bamstämm openeen. Kanner ginn drop spillen, ee vun de Bamstämm kënnt un d'Rullen a blesséiert e Kand. Déi Responsabel hätten d'Bam-

stämm vläicht kënne besser openeeleeën, mä fir se dofir strofrechtlech ze condamnéieren, dat inspiréiert vläicht keen. Mä do läit awer elo e Problem: Wa se an engem penale Prozess fräigesprach ginn, dann hu se, „principe de l'unicité des fautes pénale et civile oblige", och keen ziville Feeler gemaach an d'Kand ka kee Schuedenersaz kréien. Dat bréngt eventuell Leit derzou, fir ze probéieren, deen zivillrechtleche Schuedenersaz net wëllen ze blockéieren.

Zweetens, dee System ass profund ongerecht an deem Sënn, dass et souguer heiansdo zu enger Gefor fir déi lokal Demokratie kéint kommen. Wie war da responsabel fir d'Bamstämm? Eventuell de Gemengenaarbechter? A wann ee weider no uewe geet schlussendlech de Buergermeeschter? Zivillrechtlech ass dat kee Problem, well op deem Plang souwuel de Gemengenaarbechter wéi de Buergermeeschter am Numm vun der Gemeng agéieren an déi letztendlech zivill responsabel ass a bezuele muss oder an der Regel hir Assurance. Mä et ass awer abwegeg, an esou Fäll, just fir der Victime eng Entschiedegung ze assuréieren, de Gemengenaarbechter oder de Buergermeeschter bis uewenhinner musse strofrechtlech ze belaangen an eventuell ze condamnéieren. Dat ass och fir déi lokal Responsabel eng Belaaschtung am Alldag vun hiren Aktivitéiten an dat, mengen ech, muss ee seriö huelen.

Or, wéinst dem aktuellen, ech soen emol, méi onglécklech System, wou de strofrechtleche Feeler mam ziville Feeler gläichgestallt ass, muss dat dann awer sinn.

Dat neit Gesetz ënnerbrécht elo deen Zesummenhang. Et gëtt näischt un der Definitioun vum strofrechtlechen a vum zivillrechtleche Feeler geännert. Et gëtt just onmëssverständlech gesot, dass, wann eppes kee strofrechtleche Feeler ass, dat net wëllt automatesch soen, dass et keen ziville Feeler ass. De Contraire ass natierlech net wouer: E strofrechtleche Feeler, dee festgestallt ginn ass, ass nach wie vor och an all de Fäll en ziville Feeler.

D'Reform huet duerfir e groussen an direkten Impakt op d'Responsabilitéit vun de lokale Mandatairen. Dat Beispill vun elo just weist dat jo och. D'Diskussioun vun der Responsabilitéit ass eigentlech schonn 2001 opkomm, also viru 16 Joer, well Membere vum Schäfferot a vum Gemengerot vun der Gemeng Jonglënster an engem Fall an deem Joer och condamnéiert gi sinn. D'Diskussioun ass erëm aktuell gi mam Fall vun der Gemeng Steesel, wou de Buergermeeschter an d'Schäffe vun der Gemeng Steesel strofrechtlech belaangt gi si fir e Schaf, deen an enger Spillschoul net fest genuch ugemaach war an op e Kand gefall ass.

D'Saach ass fir si esou ausgaangen, dass d'Cour d'appel d'Decisioun bestätegt huet, déi net weider ze poursuivéieren. Mä domadder war de Problem u sech net behuewen. Dat geschitt awer elo duerch dëst Gesetz. Mä wéi gesot, d'Fro concernéiert net nëmmen déi gewielte Leit, mä eis alleguerten, déi ganz Gesellschaft.

Nach zwou wichteg Präzisiounen: Näischt verhënnert, dass de Parquet d'Auteure vu wierklech flagranter Onvirsiichtegkeet penal poursuivéiert. Den neie System hëlt den Affer vun enger Onvirsiichtegkeet, sief et am Stroosseverkéier, Faute médicale oder soss eppes, wou een deem anere Schued mécht, guer näischt of. Hir Chancen, fir indemniséiert ze ginn, bleiwen onugetaascht. Hir Rechter gi souguer gestäerkt. Souguer wann den Auteur um penale Plang fräigesprach gëtt, kënne si ongehënnert déi zivill Responsabilitéit vum Auteur vum Schued viru Geriicht akloen. Mam Schafe vum Prinzip vum duebelen, strof- an zivillrechtleche Feeler geet Lëtzebuerg iwwregens dem Beispill vun enger Rei aneren europäesche Länner no, speziell Frankräich, wou mer dee Prinzip och hunn.

Mat dësem Projet, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt dem Auteur vum Schued seng Situatioun net verschlechtert. Au contraire, d'Situatioun vun der Victime gëtt verbessert, well d'Differenz vu Faute pénale a Faute civile ënnerstrach gëtt an anerersäits d'Situatioun vun der Victime verbessert, well och wann den Auteur vum Schued keng Faute pénale gemaach huet, säi Behuelen awer eng Faute civile kann duerstellen. An do gëtt et méi Beispiller. Dat kënnen nieft de lokale Mandatairen awer och Doktere sinn, Chef-d'entreprisë kënnen dat sinn, Educateuren, Vakanzekolonien, awer eben och politesch Responsabeler.

D'Fro gesäit sech vläicht komplizéiert un, en fait ass d'Resultat an d'Wierkung dovun awer eng ganz einfach an ech mengen och eng ganz richteg an eng ganz noutwendeg. Mä den Alex Bodry huet awer komplett recht, wann e seet: „Et ass wichteg, ze kucken, wéi dat hei och elo wäert ugewannt ginn." Et ass natierlech mat dësem Text en fait wéi mat all Text, dass ee muss ofwaarden, wat d'Juridiktiounen um Enn domadder maachen. Mir wäerten dat och observéieren an am A behalen.

Mä ech mengen, dass mer haut dach e Stéck, wéi d'Madamm Beissel, d'Rapportrice, gesot huet, e Paradigmewiessel awer hei maachen. Dat ass keng kleng Reform, och wa se vläicht keng grouss ëffentlech Beuechtung wäert fannen. Mä fir déi Leit, déi heimadder schaffen an, ech mengen, och all déi, déi ech virdrun opgezielt hunn, notamment de kommunale Secteur, ass dat heiten eng ganz wichteg Reform. An ech wëll och duerfir nach eng Kéier dem Syvicol, stellvertriedend sengem President, Merci soe fir déi ganz gutt Kollaboratioun, déi et erlaabt huet, eng Diskussioun, déi laang Jore gedauert huet, haut zu engem Ofschloss kënne bruecht ze hunn.

Merci derfir a Merci och fir d'Nolauschteren!

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Justizminister.

Mir géifen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6887 kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6887 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

59 Deputéiert hunn direkt oder indirekt un der Ofstëmmung deelgeholl. 59-mol Jo, Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da bräicht ech eigentlech d'Fro net méi ze stellen, ech maachen et awer: Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vott?

(Assentiment)

D'accord. Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir kommen elo zum Projet de loi 7030, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Lutte géint den Tubak an den Tabagismus. An d'Wuert huet d'Rapportrice, d'Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, wann ech gelift!

7. 7030 - Projet de loi transposant la directive 2014/40/UE du Parlement européen et du Conseil du 3 avril 2014 relative au rapprochement des dispositions législatives, réglementaires et administratives des États membres en matière de fabrication, de présentation et de vente des produits du tabac et des produits connexes; abrogeant la directive 2001/37/CE; modifiant la loi modifiée du 11 août 2006 relative à la lutte antitabac

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

Mme Cécile Hemmen *(LSAP), rapportrice*.- Merci, Här President. De Gesetzesprojet, dee mir als Tubaksgesetz bezeechent hunn an deen ech lech elo presentéieren, zeechent sech aus duerch eng gutt Portioun Courage an och duerch eng gutt Portioun Wäitsiicht um Niveau vun der Gesondheetspolitik, fir déi sech eis Ministesch, d'Lydia Mutsch, an enger Kontinuitéit iwwer Joren asetzt.

Des Weidere schécken ech och direkt viraus, dass de Rapport ouni Géigestëmm an der Kommissioun ugeholl ginn ass, an ech soen och elo scho Merci fir déi gutt an déi ganz konstruktiv Zesummenaarbecht.

Den 2. August 2016 ass de Projet an der Chamber deposéiert ginn, e Projet de loi, deen op der Transpositioun vun enger EU-Direktiv berout an dee sech och op dat modifizéiert Antitubaksgesetz vun 2006 bezitt. D'Direktiv u sech bestëmmt jo d'Regelen, wat d'Fabrikatioun, d'Presentatioun an och de Verkaf vun Tubak a sengen Derivatprodukter ugeet, a si deckt déi ganz Gamm of vun der Zigarett, dem Tubak, der Shisha an der elektronescher Zigarett.

Dat heescht dann och am Kloertext, dass mer mat dësem Gesetz déi klassesch Zigarett gläichstelle wäerte mat der elektronescher Zigarett respektiv och der Shisha, oder Waasserpäif genannt. Ënnert dem Impuls vu ganz villen Avisen, déi schonn zum Avant-projet erakomm sinn, sief et vun zivillen Associatiounen oder awer aus dem medezinneschen Domän, hu mir eis gestäerkt gefillt, fir iwwert déi reng Transpositioun vun der europäescher Direktiv erauszegoen a weider grouss an och wichteg Schrëtt ze maachen, besonnesch a Richtung Gesondheetsschutz vun de Kanner a vun deene Jonken.

D'Chiffere beleeën déi beonrouegend Realitéit an ech beruffe mech op eng Enquête vum Fëmmverhale vun de Lëtzebuerger, déi publizéiert gouf iwwert d'Fondation Cancer an déi och däitlech mécht, dass d'Unzuel vun de jonke Fëmmerten ëmmer nach konstant an d'Luucht geet, a grad am Alter vun 18 bis 24 Joer si mer mëttlerweil an zwee Joer vun 23% op 26% eropgaangen.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

Erschreckend ass och ze wëssen, dass all véierte Jonke vu 15 Joer fëmmt, a grad esou erschreckend ass et och ze wëssen, dass déi Jonk net nëmmen de Risiko vun der Nikotinnofhängegkeet komplett ënnerschätzen, mä doriwwer eraus och d'Auswierkungen op hir eege Gesondheet.

D'Objektiv vun dësem Gesetz ass deemno kloer: deene Jonken d'Méiglechkeet erschwéieren, fir mam Fëmmen unzefänken, an iwwert dës Restriktiounen och e weidert Instrument ze liwwere fir déi, déi wëllen ophalen. Dofir sinn och eng Partie Mesuren onëmgänglech an et wier verantwortungslos vis-à-vis vun eise jonke Leit an der Gesellschaft, fir net alles ze ënnerhuelen, fir hinnen de Grëff zu der Zigarett, wa méiglech och nach där éischter Zigarett, esou schwéier wéi méiglech ze maachen.

Dofir wäert et och verbuede ginn, fir Zigaretten u Mannerjäreger ze verkafen, deemno gëtt dee bis elo zougeloossenen Alter vu 16 op 18 Joer eropgesat. Onnëtz, op dëser Plaz ze soen, dass déi Jonk eng ganz beléift Zilgrupp fir d'Tubaksindustrie sinn. A wa mer dervun ausginn, dass d'Präventioun a puncto Fëmmen eng Prioritéit ass fir d'Santé publique, da si mer mat dëser Mesure um allerbeschte Wee, fir den Accès zu der Zigarett an all hire Formen op d'mannst zäitlech no hannen ze verschiben, jo, souguer am allerbeschte Fall ze verhënneren.

A well de Goût vun den Zigaretten iwwer spezifesch Arome méi agreabel gemaach gëtt an domadder och eng weider Attraktivitéit fir d'Consommatioun duerstellt, ginn och verschidden Zousätz, déi de Geschmaach, de Geroch oder d'Intensitéit vun der Verbrennung veränneren, iwwert dëst Gesetz verbueden. Heizou muss een och präziséieren, dass de Verkaf vun de mentholéierten Zigaretten allerdéngs eréischt ab dem 20. Mee 2020 verbuede gëtt.

Den Artikel 6 vun eisem Gesetz war awer deen, wou mer an der Kommissioun eigentlech déi mouvementéiertst Diskussiounen haten. Et war séier kloer, dass, wa mer eis mat der Gesondheetsprävention bei Kanner an och Jugendlechen auserneesetzen, mer eis dann och un déi Länner géifen alignéieren, déi e Fëmmverbuet an den Autoen agefouert hunn, wou Kanner ënner zwielef Joer drasinn.

Jiddweree vun eis huet scho gesinn, wéi hëlleflos dass kleng Kanner am Auto sinn, wa se do dem Damp vun der Zigarett vun den Erwuessenen ausgesat ginn. Kënne mer zouloossen, dass eis Kanner als Geisel geholl ginn, dass si passiv musse matfëmmen, wou mer jo mëttlerweil wëssen, dass déi Form vun Dampanootmen extrem geféierlech ass fir d'Otemweeër a besonnesch fir déi kleng a souguer zum Deel nach guer net fäerdeg entwéckelt Organer vun de Kanner?

Och wann d'Géigner natierlech elo mengen, dass jo eng oppe Fënster oder och eng Klimaanlag d'Situatioun kéint verbesseren, esou ass deem awer direkt entgéintzestellen, dass op esou enkem Raum den Damp natierlech net kann evakuéiert ginn.

Déi Erwuessen hu vis-à-vis vum Kand eng Virbildfunktioun. Mir wëlle jo dat Bescht fir eis Kleng. Mir wëllen, dass se gesond bleiwen, dass se vum Liewe profitéieren, dass se sech zu staarke Perséinlechkeeten entwéckelen an dass se léieren, fir spéider hire Stress mat natierleche Methoden an de Grëff ze kréien. Dofir war et och ganz séier kloer fir eis Memberen, dass mer e Fëmmverbuet op de Spillplazen an dëst Gesetz géifen aschreiwen. A keen huet zu deem Zäitpunkt dru geduecht, dass de Statsrot eis eng Recommandatioun mat op de Wee géif ginn, fir nach iwwer eng Erweiderung vun där Mesure nozedenken an och d'Enceinte-sportivë vu baussen, also déi oppen definéiert Sportplaze matanzebezéien, wou Jonker ënner 16 Joer hir sportlech Aktivitéit ausüben.

Un Argumenter feelt et natierlech net: Zum engen ass et kloer, dass Sport an Zigaretten einfach net zesummepassen: D'Passioun an d'Motivatioun fir eng sportlech Aktivitéit ginn net mat enger Ofhängegkeet zum Nikotinn an eng sportlech Ustrengung däerf och net ageschränkt sinn duerch verknaschte Longen. Zum aneren: Kënne mir Erwuessener et verantworten, wa mer deene Klenge bei engem Match nokucken, se ufeiere bei hire Leeschtungen um Terrain, op der Lafpist oder an der Schwämm, an dobäi eiser Virbildfunktioun alles anescht wéi gerecht ginn, andeems mer rücksichtslos an och respektlos vis-à-vis vun deene klenge Sportler an deenen anere Spectateure fëmmen? Ass dat d'Bild, wat mer wëlle vermëttelen, wou mer dach de Sport als de Gesondheetsfacteur par excellence duerstellen an eis Kanner bei groussaartegen Aktioune wéi „Gesond iessen, méi bewegen" ënnerstëtzen oder se a Sportsklibb umellen, wa mer eis Zäit huelen, fir se hin- an hierzeféiere fir hir Matcher an hir Trainingen an dann och nach houfreg drop sinn, wa se mat der Medail oder soss enger Unerkennung heemkommen?

Och wann dëse Fëmmverbuet an den oppene Sportsenceinten, sief et e Fussballsterrain, eng oppe Schwämm, en Tennisterrain, e Stadion an esou weider als eng relativ streng a restriktiv Mesure kann ugesi ginn, esou muss ech hei awer och soen, dass dës Mesure fir en Deel vun eise Memberen aus der Kommissioun nach laang net wäit genuch geet. Och kéint ech mer virstellen, dass Lëtzebuerg sech an Zukunft lues awer sécher enger Partie anere Länner géif uschléissen, fir sech fir komplett fëmmfräi Stadionen ze engagéieren, eng Moossnam, déi iwwregens net nëmme vun der UEFA zum Beispill méi wéi begréisst gëtt.

D'Attraktivitéit vun der Zigarett a vum Fëmmen tout court ze reduzéieren, geet natierlech och iwwer Warnmessagen a Fotoen oder eng Illustratioun op der Verpackung, déi elo och obligatoresch wäerte ginn a ronn 65% vun der Verpackung solle bedecken. Dës Dispositioun berout op enger wëssenschaftlecher Etüd, déi festgestallt huet, dass nëmmen d'Donnéeën iwwert d'Inhaltsstoffer oder d'Emissiounswäerter eigentlech e falsche Message kéinte sinn an de Konsument esouguer kéint encouragéiert ginn ze gleewen, dass verschidden Zigarette jo da méi oder manner schiedlech sinn. En däitleche Message a Kombinatioun mat enger faarweger Foto wier do méi effikass.

Och hei muss nach eemol drop higewise ginn, dass dës Obligatioun och fir den Tubak gëllt, deen an d'Waasserpäif oder an d'Shisha kënnt. Déi Produiten, déi hei gefëmmt ginn, si praktesch ëmmer aromatiséiert an de Risiko fir d'Gesondheet besteet dodran, dass de Konsument ganz laang dem Damp ausgesat ass. Wien eng Zigarett fëmmt, brauch e puer Minutten, eng Seance Shisha zitt sech alt gäre bis zu 40 Minutten hinn an nach driwwer eraus. An doriwwer eraus stécht an engem Strapp Shisha zéngmol esou vill Volume wéi an enger Zigarett.

Wann een dann erëm bedenkt, dass déi chemesch Zesummesetzung déiselwecht ass wéi déi an der Zigarett, da kann ee sech d'Ausmooss vun der Schiedlechkeet natierlech selwer ausmolen.

An dësem Kontext sief och nach drop higewisen, dass och d'Shisha-Baren därselwechter Gesetzgebung ënnerleie wéi d'Caféen, d'Discoen, d'Hoteller, d'Centre-commerciallen an aner Fräizäitraimlechkeeten, wat heescht, dass wann ee wëllt eng Shisha fëmmen, ee muss erausgoen oder awer an engem amenagéierte Fumoir sinn.

Och d'Schiedlechkeet vun der elektronescher Zigarett ass net ze ënnerschätzen, well hei gi Stoffer fräigesat an inhaléiert, déi net nëmmen d'Otemweeër irritéieren, mä och potenziell Kriibserreeger sinn.

Här President, ech kéint nach op villes agoen, wat an dësem Gesetz verankert ass: vun der Obligatioun vun de Produzenten, fir d'Direktioun vun der Santé iwwer all d'Komponenten a soss Modifikatioune vun den Tubaksprodukter an d'Bild ze setzen, bis hin zu den tech-